Ried - Gary Diderich- Wahlkongress déi Lénk - 18. Juni 2017

Léiw Komeroden an Komerodinnen,

Logement ass een Wahlkampfthema, keen méi kënnt do laanscht, och wann dat elo mat engem ronnen Dësch probéiert gëtt ouni konkret Aktiounen iwwert den Wahltermin erauszeschleefen. Mäer hunn net bis d'Wahlen gewaard, mee schon virun engem gudden Joer eng ganz Kampagne mat konkreten Proposen lancéiert déi, an ech denken wann een Verweider op eis vun groussen Parteien kuckt, grad dozou beigedroen hunn dass dat Thema wat jo net nei ass endlech an den Zentrum vun engem Gemengenwahlkampf trëtt.

Den Minister Hansen ass am Background op RTL gefroet ginn op d'Regiirung kinnt den Logementsproblem an de Grëff kréien, ja oder nee. Amplaz vun enger kloerer Äntwert ass erem d'Ausso komm dass de Problem ze komplex ass an dass d'Regiirung virun allem do agéiert wou den Staat eng Handhab huet.

Dat ass awer just 1/4 vun allen disponiblen Terrain'en. Wéi soll een matt esou enger Approche d'Situatioun um Marché an de Grëff kréien ? Firwat brauchen mäer dann dës Regiirung wann se net wees op se Problem kann an de Grëff kréien an sech just op enger klenger Spillwiss vum Enjeu wëll wiirklech abrengen an fir de Rescht den sougenannten fräien Marché gewärden loossen ? Déi Approche wär virun 20 Joer vläit net schlecht gewierscht, mee elo sinn mäer zënter Joëren an engem reellen Noutstand deen méi brauch wéi e puer Puzzlestécker, wann déi grouss Puzzlestécker ausgelooss ginn.

De Gilles Hempel, Direkter vun der Agence Immobilière Sociale (AIS) huet en Donneschden um 25. Anniversaire vun Ennerdaach gesoet, dass et d'Perversioun vum Wuert Fräiheet ass, wann een beim Logement vun fräiem Marché schwätzt. Weder vun den Promoteuren, nach vun de Besëtzer vun Terrain oder och Immobilièren kann een sech sérieux erwaarden, dass sie een Interesse hunn dass d'Präisser erofginn. Och wann d'Regiirung respektiv Kommunalpolitiker wéi den Déifferdenger Buergermeeschter nach weider gäeren hiir Hoffnungen an d'Promoteuren setzen, wéi als öffentlech Hand, soit Staat, soit Gemengen, konsequent endlech selwer Verwantwortung ze iwerhuelen.

Genee dat ass et awer wat zënter Joerzéngten elo nët geschitt! D'Hansen-Mantra vun 1000 Puzzle-Stécker setzt hien selwer net ëm an och seng Parteikollegen respektiv déi Parteien déi mat der DP an der Regiirungskoalitioun sinn, maachen dat. Oder firwat muss den Logementsminister duerch d'Land touren fir d'Gemengen ze iwerzeegen dach endlech selwer och sozial Mietwunnéngen ze bauen? Matt bis elo wéineg erkennbarem Erfolleg… Och hunn d'Gemengen an den leschten Joeren an zwee Joerzéngten Terrain'en an Wunnéngen déi an hiirer hand wuaren verkaaft amplaz se selwer ze verlounen an nach eng Hand iwwert den Präis ze hunn. Een Puzzle-Stéck wou d'Regiirung zum Beispill am Moment keen Eifer huet fir et ze fannen an ze léen: d'Proposition de Loi déi den David Wagner an der Chamber abruescht huet gëtt trotz Avis'en vum Staatsrot an der CSL, an keen dovun negativ, op déi laang Bänk geschuewen.

Fir den Gilles Hempel nach eng Kéier ze zitéieren, briischt et, an brauch et in der Tat, „een revoluzionärt Emdenken an revoluzionär Mesuren" fir d'Wunnéngspräisser erëm op een accessiblen Niveau ze bréngen.
Mee zum groussen Deel giff sech déi Revolutioun net mussen op bestehend Verhältnisser, voir Gesetzer applizéieren, well ganz vill Méiglechkeeten bestin duerch de Pacet Logement, d'Loyersgesetz an soss Regelementer & Subventiounen elo schon!

Et ass am Kapp an am Häerz, voir dem Courage an dem sech Lassléisen vun Eegeninteressen & Clientelpolitik wou d'Revolutioun muss geschéien.

Wann dat bis geschafft ass, kënnen & mussen mäer gäeren d'Gesetz iwerschaffen an sollen, wéi och an eiser Kampagne schon, mee och elo op kommunalem Niveau an dëser Resolutioun gefuerdert, vill méi konsequent nach öffentlech Akteuren geschaaffen an mat den néidegen Mëttelen ausstatten. Suen déi do sinn, wéi zum Beispill déi aus dem Rentenfong, muss lokal an eiser Wirtschaft an een zum Himmel jäizenden Besoin investéiert ginn amplaz an iergendwelchen Aktien ugeluegt ginn. Wunnen ass een Grondbesoin, een Recht an d'Leit staark maachen heescht virun allem mol hinnen een Logement ze bidden deen hinnen net méi fir een Drëttel vum Akommes ewech frësst. Wann d'Politik net kloer kann drop äntwerten dass se dat kann hikréien, muss se sech a Fro stellen. Den 8ten Oktober ass et um Wieler se a Fro ze stellen an mäer trieden un fir an den Gemengen alles a Bewegung ze setzen fir dass jiddereen een bezuelbart Doheem kritt an der nächster Legislatur.